


# d'Peffermillen

Et kënnt dem Koschter zwar net oft vir, dass en e 500-Euro-Schäin am Portmonni huet, mä en huet sech awer dëslescht geiergert, wi e Client vrun him domat wollt bezuelen an d'Keessiär dat refuséiert huet: D'Direktioun hätt hinne verbueden där Schäiner z'akzeptéieren. De Koschter sot: Jo wéi dann? Dat sinn dach Schäiner, di zu Lëtzebuerg ‚cours légal' hunn, da muss och all Geschäftsmann s'unhuelen. Mä d'Keessiär huet op en Ziedel un der Buttéksdier verwisen, déi Schäiner géife si net unhuele, wéinst ‚problèmes bancaires'. De Koschter mengt, de Finanzminister sollt do mol en eescht Wuert mat sénge Frënn aus dem Bankemilieu schwetzen an déi Schäiner aus dem Verkéier zéien oder d'Police an d'Match- a Smatch-Buttéker schékken, fir deem Unfug en Enn ze man. Well `t däerf dach net sinn, dass d'Banke Schäiner ausginn, di d'Buttéker da refuséieren. Haut ginn d'500er refuséiert a muer d'100 an dann d'50er asw. a mat wat bezuele mer dann? Nëmme mi nach elektronesch?

**m.p.**


# Die Internet-Seiten von *forum*

## bieten unter anderem

- einen Index der *forum*-Autoren, Dossiers und Artikel mit Suchfunktion
- ergänzendes Material zu in den Heften behandelten Themen
- interessante Beiträge aus früheren *forum*-Ausgaben
- ein Online-Dossier mit den wichtigsten *forum*-Artikeln zum Thema Universität Luxemburg

**www.forum-online.lu**